N° 6671
Entrée le 19.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n°6671 vum 17. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Roy Reding

Fro n°1:

Ech hat d'Geleeënheet op der Gymnich vum 30-31 August zu Prag eis Positioun kloer duerzestellen. Mir mengen, datt et wichteg ass, ee Regime ze sanktionéieren, an net déi normal Bierger. Dofir ware mir och net dofir, datt gewéinlech russesch Bierger sollte penaliséiert ginn, andeems mir hinne d'Arees an de Schenge Raum géife verbidden. D'Ophiewung vum Visa Facilitatiouns-Ofkommes déi decidéiert gouf, bedeit net, datt keng russesch Bierger méi kënne areesen. Et ass eben just, datt vun elo un d'Visa fir russesch Bierger ënnert dem normalen Regime, de sougenannte Code des visas, ausgestallt ginn.

Fro n°2:

Et ass keng Demande vun ukraineschen Organisatioune bzw. ukraineschen Autoritéite do, fir russeschen Touriste keng Visa méi auszestellen, bzw. hir Arees an d'EU vun diverse Konditiounen ofhängeg ze maachen.

Lëtzebuerg, den 19. September 2022
(s.) Jean Asselborn
Aussen- an Europaminister

9, rue du Palais de Justice
L-1841 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82386
Fax (+352) 22 94 82
boite.officielle@mae.etat.lu
www.maee.gouvernement.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu